

# KRIS JOURNAL

1/2024

D'VOIE DE  
PRÉPARATION  
AN DER KRIS

Resultater  
vun eiser Emfro

MAM NEIE CLAUDE GËTT ALLES BESSER

VUN ELO UN  
KRITT DIR VILL MÉI  
VERSPRACH

AN ECH BAUEN  
OCH NACH MÉI  
WUNNÉNGEN



**OGBL**  
— D'GEWERKSCHAFT

**Rédaction:** Direction syndicale du SEW/OGBL

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement la position du syndicat.

**Abonnement:** 25 € par an

No 1/2024

Parait jusqu'à 4 fois par an

Toute correspondance est à adresser au  
SEW/OGBL  
63 rue de Bonnevoie  
L-1260 Luxembourg

Tél. 540545-323  
courriel: sew@ogbl.lu

[www.sew.lu](http://www.sew.lu)

**Éditeur responsable:** Frédéric Krier

**Imprimeur:** IC Luxembourg

Publication du Syndicat Education et Sciences  
dans l'OGBL / Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft  
am OGBL

Anciennement Journal des instituteurs

# index

Editorial	<b>03</b>
Voie de Préparation: Ofstellgleis oder reell Chance fir d'Schüler.innen?	<b>04</b>
Élections sociales: Résultats	<b>29</b>
Enseignement fondamental	<b>32</b>
Enseignement secondaire	<b>42</b>
Enseignement supérieur & recherche	<b>56</b>
FGIL	<b>60</b>
Divers	<b>63</b>



Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL





Joëlle Damé  
Präsidentin vum SEW/OGBL



Vera Dockendorf  
Spriecherin vum SEW/OGBL Secondaire

# Leitartikel

**„Eis Grondschoul ass an der Kris“: Dëst ass keng Ausso aus de leschte Wochen a Méint, mee d’Conclusioun vun der landeswäiter a repräsentativer Émfro vun 2019 vum SEW/OGBL bei den Enseignanten aus dem Fondamental.**

Scho viru 5 Joer waren d’Auswirkunge vum gesellschaftsleche Wandel, enger neoliberaler Schoulpolitik, enger falsch verstanener Inklusioun an dem Verloscht vun der Autoritéit vun der Institution Schoul respektiv vum Enseignant um Terrain kloer ze spieren. Bal zwee Drëttel (!) vun den Enseignanten am Fondamental hunn deemoos gesot, dass si de Beruff énnert den aktuelle Konditiounen net méi maache géifen, an dat obwuel 97% vun hinne gäre Schoul hale géiften.

Den SEW/OGBL huet deemno scho viru 5 Joer gewarnt, dass et zu engem Émdenken an enger Rei konkreter Veränderungen an der Schoulpolitik komme misst.

Dëst ass awer net geschitt, ganz am Géigendeil. DSituatioun um Terrain ass métterweil desaströs. DKris huet sech verschärft an d’Auswirkunge sinn an der Tëschenzäit am Enseignement Secondaire ukomm.

Iwwert d’Voie de Préparation – dee fréiere «Modulaire» - gëtt am Grand-Duché wéineg bis guer net geschwat. D’Schülerschaft aus der Voie de Préparation schéngt trotz Asaz vun hiren Enseignanten nach méi eng schwach Lobby ewéi d’Schülerschaft an der Beruffsausbildung ze hunn. D’Schülerinnen a Schüler aus der Voie de Préparation si keng Wielergrupp, déi politesch relevant ka sinn. Vill vun de Schülerinnen a Schüler aus der VP hunn dobäi keng Lëtzebuerger Nationalitéit, kënnen also net wielen, genausou wéineg wéi vill vun hiren Elteren.

Fir den Unterrechtsminister, dee sech d’Wuert „Inklusioun“ zwar a Groussbuschtawen op säi Fändel schreift, war d’Voie de Préparation bis elo nach keng Prioritéit. Si eegent sech scheinbar manner fir Hochglanzbroschüren an „Success stories“ wéi den ESC, den ESG a virun allem déi éffentlech Europaschoulen.

An awer ass d’Voie de Préparation immens wichteg fir all déi Schülerinnen a Schüler, déi net am Enseignement secondaire général a classique beschoult ginn. Fir si bitt eng gutt funktionéierend Voie de Préparation d’Opportunitéit, Fouss an der Beruffswelt ze faassen.

Fir erauszfannen, wou d’Problemer an der Voie de Préparation genau leien, an ob et sech ém lokal Problemer, oder awer struktureller handelt, huet den SEW/OGBL ee Questionnaire mam Titel „D’Voie de Préparation: Ofstellgleis oder reell Chance fir d’Schüler.innen?“ ausgeschafft an een Opruff un déi betraffen Enseignantë gemaach, fir un dëser Émfro deelzehuelen.

D’Resonanz war grouss. Mat engem Taux de participation vu bal 35% sinn d’Resultater vun dëser Enquête repräsentativ. Dass esou vill Enseignantante sech d’Zäit geholl hunn, fir dëse Questionnaire auszeféllen an eis dobäi iwwert 300 Kommentaren, Kritiken a Suggestionen erageschéckt hunn, weist kloer, dass d’Enseignanten um Terrain bereet sinn hir Situatioun an den Zoustand vun der Voie de Préparation ze reflektéieren, ze analyséieren an no Alternativen ze sichen.

D’Resultater vun eiser Émfro, déi Dir am Detail an dësem Journal fannt, weise ganz kloer: och d’Voie de Préparation ass an enger déiwer Kris, an d’Problemer si grésistendeels struktureller Natur.

Als éischte krut d’Grondschoul d’Auswirkunge vun enger supranationaler neoliberaler Ausrichtung vun der Bildungspolitik ze spieren, haut ass d’Voie de Préparation an der Kris an déi aner Schoulformen impactéiert. Wann et eis net séier geléngt, d’Rudder émzeräissen, wäert dës Kris zu enger Erosioun an alle Schoulforme féieren.

D’Ignoréiere vun de sélleche Warnungen an esouquer d’Forcéiere vun de Mesurë loessen némmen nach zwou Schlussfolgerungen zou: entweder de Ministère erkennt d’Situatioun net, oder et stécht eng net ausgeschwaten Iddié hennendrun. D’Konsequenzen si métterweil spierbar: fir d’Schüler, fir d'Léierpersounen, mee och fir eis Gesellschaft an eis Beruffswelt.

Et ass un eis, als Enseignanten, an als Gewerkschaft, fir déi breet Éffentlechkeet ze sensibiliséiere fir déi Kris an där eis Schoul stécht, an an déi se émmer méi déif erageréit. Mir mussen zesummen Drock op d’Politik maachen, fir dass et zu engem breet ugueluechten Debat kënnt, wéi eng Bildungsoffensiv zu Lëtzebuerg ausgesi kéint.

Den SEW/OGBL zielt op är Énnerstëtzung a Mobiliséierung, fir dass mir d’Schoul rëm zesummen op de richtge Wee kréien.

**D’Stäerk vum SEW/OGBL ass et, dass en all Beruffsgruppen aus all Schoulforme vum Enseignement vertrëtt an départementsiwwergräifend schafft.**

**Vill Enseignanten an der Voie de Préparation sinn de base fir d’Schoulhalen am Fondamental ausgebilt an an der Karriär A2 oder E5 vum Fondamentalsenseignant klasséiert, schaffen awer am Secondaire. Duerch déi enk Zesummenarbecht téscht den Départementer Fondamental a Secondaire vum SEW/OGBL kënne mir den Enseignanten aus der Voie de Préparation eng adequat gewerkschaftlech Vertriebung bidden, déi iwwert reng Karriärsrevendicationounen erausgeet a sech fir reell Veränderungen um Terrain asetzt.**



Enquête Fondamental 2019

# Voie de Préparation: Ofstellgleis oder reell Chance fir d'Schüler.innen?

An de leschte Méint sinn eng Rei besuergneserreegend Doleancë vun Enseignanten aus der Voie de Préparation un den SEW erugedroe ginn. Si hunn eis vun engem grousse Malaise beim Corps enseignant geschwat. Vill vun den Enseignanten aus der Voie de Préparation hätten d'Gefill, net iwwert genuch Ressourcen ze verfügen, fir de wuessenden Ufuerderunge gerecht ze ginn. D'Erausfuerderungen am Klassesall wieren émmer méi grouss an d'Gefill, d'Inklusioun net mat de momentan verfügbare Ressourcë bewältegen ze können, wier wäit verbreet. Och géif de bürokrateschen Opwand émmer méi grouss ginn, an dëst ounersichtlechen Notzen um Terrain.

Mir hunn dës Uleies ganz eescht geholl an decidéiert eng Ëmfro ze maachen, fir ee bessert Verständniss vun der Situatioun an de Schoulen ze kréien. Mir hunn dobäi net nämmen zoue Froegestallt, mee och Raum gelooss fir Kommentarer a Proposen, fir esou d'Stëmm vun den Enseignanten aus der Voie de Préparation beschtméiglechst mat anzebezéien. Déi héich Bedeelegung un der Ëmfro huet däitlech gewisen, dass d'Thème Wuelbefannen, Beruffsbild, Respekt vum Enseignant an Inclusioun ville Leit um Mo leien an dréngend ugaang gi müssen.

D'Resultater vun der Ëmfro, déi Dir op de follgende Säite fannt, schwätzefirsech. Villvunden Enseignantë berichte vu Middegkeet, Stress, Iwwerfuerderung, an dat wier op d'Belaaschtung an der Schoul zréckzeféieren. Et ass fir eis als SEW/OGBL kloer, dass et Veränderunge brauch, fir d'Aarbechtsbedingungen an der Voie de Préparation ze verbesseren.

Mir duerfen awer net vergessen, dass et hei net nämmen ém d'Wuelbefannen an d'Aarbechtskonditiounen vun den Enseignantë

geet, mee och ém d'Wuel vun de Schülerinnen a Schüler. Ee gesond a gutt funktionéierend schoulescht Ëmfeld ass wichteg fir hiert Léieren an hir Entwécklung. Déi momentan Bedingungen hunn net nämmen een negativen Afloss op d'Wuelbefanne vun den Enseignanten, mee och op d'Qualitéit vun der Bildung, déi mir eise Schülerinnen a Schüler bidde können.


Et muss eis ophorche loassen, wann, obwuel déi grouss Majoritéit vun den Enseignanten hire Beruff gäre mécht, d'Hallschent vun hinnen de Beruff awer énnert de momentane Bedingungen net méi ergräife géif. Dat weist ganz kloer, dass d'Konditiounen um Terrain net stëmmen an et dringend Changementer brauch. Dat zemoools an Zäite wou mir eng Enseignantspenurie hunn.

Den SEW/OGBL wäert sech net mat der Bestandsopnam zefridde ginn. Mir hunn ee Bréif un de Minister Meisch geschriwwen, fir am Dialog, zäitno, déi néideg Veränderungen um Terrain erbäi ze feieren. Dass Dir zu esou vill bei dëser Ëmfro matgemaach hutt, weist, dass Dir prett sidd, lech fir déi néideg Verbesserungen um Terrain ze mobiliséieren.


Mir wäerte gemeinsam dofir kämpfen, dass d'Enseignanten déi néideg Ënnerstëtzung a Ressource kréien. Zesumme kenne mir Veränderungen um Terrain erbäiféieren.

## 1. Wien huet matgemaach?


**Alter**



**Geschlecht**



**Äre Statut an der Education**




Et hunn am ganzen 88 Enseignanten aus 19 vun 20 Lycéeë matgemaach, déi d'Voie de Préparation ubidden.


## 2. Wuelbefannen am Beruff

### 2.2 Zefriddenheet a Belaaschtung am Beruff


#### 2.1.1 Wéi fillt Dir lech am Moment an Ärem Beruff?



#### 2.1.2 Wéi belaascht fillt Dir lech aktuell an Ärem Beruff?




### 2.1.3 Wéi wäit sidd Dir aktuell an Ärem Beruff zefridden?



### 2.1.4 Auswäertung vun de Kommentaren

Bei de fräien Äntwerte koumen nach follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi



Aus de Kommentare geet kloer ervir, dass virun allem den émmer méi heterogene Klassegrupp an den héijen administrativen Opwand belaaschtend sinn. Eng Rei Enseignanten hunn d'Gefill, de Besoine vun de Schüler.innen net méi gerecht ze ginn.

Zitater:

„Et kann een net méi korrekt schaffen an der Voie de Préparation.“

„Dat Administratiivt ass ze vill gefrot. Déi Servicer, déi een énnerstëtze sollen, bréngt just extrem zousätzlech Aarbecht.“

„Et gëtt émmer manner Zäit fir ze enseignéieren.“

„Vill Schüler kréien net gehollef. Wann ee 17 bis 18 schwaach Schüler huet an dobäi e puer Opfälleger, da sinn der eng Rëtsch Schüler, déi énnerginn.“


„Parascolaire Evenementer, projets d'établissement an den Image vun der Schoul no baussen si mëttlerweil méi wichteg wéi gutt Schoul halen an anstänneg Coursé ginn.“

„Iwwerstonnen huelen zou, well Aarbechtskolleege kuerz- a mëttelfristeg krankheetbedéngt ausfallen an et gëtt awer kee Pool vum Remplaçantë wéi am Fondamental, sou dass et mëttlerweil Usus ass, dass ee permanent Iwwerstonne schaffe muss.“

„Mat 17 Schüler an enger Klass gëtt ee kengem an iergendenger Form gerecht.“


## 2.2 Beruffswiel/ Weiderempfehle vum Beruff

### 2.2.1 Géift Dir de Beruff énnert den aktuelle Konditiounen nach eng Kéier wielen?




Dass nach just d'Hallschent vun den Enseignanten de Beruff énnert den aktuelle Konditiounen nach emol wiele géifen, muss engem ze bedenke ginn. Zemools d'quasi Totalitéit vun de befroten Enseignante gäre Schoul hält.

### 2.2.3 Géift Dir énnert den aktuelle Konditiounen engem Jonke roden, de Beruff vum Enseignant ze wielen?



Némme ronn 35 % vun de befrote Léierpersoune géifen engem Jonken de Beruff énnert den aktuelle Konditiounen weider recommandéieren. An Zäite vun Enseignantspenurie ass dése Constat erschreckend.

### 2.2.2 Haalt Dir gäre Schoul?



Ronn 98% vun de befrote Léierpersounen hale gäre Schoul.

Et ass gläichzäiteg kloer, dass de Problem net un engem Manktem vu Motivatioun vu Säite vun den Enseignanten ze sichen ass. Vill méi leie strukturell Problemer vir.

Sou hu ronn een Drëttel vun de befrote Persoune schonn driwwer nogeduecht, de Beruff ze wiesselen.

### 2.2.4 Auswäertung vun de Kommentaren

An de Kommentare schreiwen déi meeschten Enseignanten, dass si émmer nach gäre Schoul halen, mee si bemängelen, dass d'Konditiounen um Terrain net méi stëmmen. Opgezielt gëtt een Autoritéitsverloscht vun der Institutioun Schoul, een iwwerdriwwenen administrativen a prozeduralen Opwand a feelende Versteesdemech vu politescher Sait fir d'Problemer um Terrain. Suerge mécht och, dass d'Schoulpflicht op 18 Joer eropgesat gouf.

Zitater:

„De Beruff ass u sech nach émmer meng Passioun, mee d'Konditiounen stëmmen einfach net méi.“

„Dat eigentlecht Schoulhale réckelt émmer méi an den Hannergrond.“

„Et lauschtert keen de Leit um Terrain no.“


„Et ass ee konstanten Drock do an dee mécht ee futti.“

„Ech maache meng eigentlech Aarbecht d'Schoulhale gären. Et ass den Drémrëm, den émmer schlëmmer gëtt.“

## 2.3 Aarbechtskonditiounen a Gesondheet am Beruff


Et muss ee leider feststellen, dass de Beruff staark Auswierkungen op d'Gesondheet huet, an dësen Impakt huet sech an de leschte Jore verstäert. D'Enseignante fillen sech belaascht a gestresst, an hunn deelweis och kierperlech Symptomer.

### 2.3.1 Hunn d'Aarbechtskonditiounen en Impakt op Är Gesondheet?



- guer keen Afloss
- wéineg Afloss
- mässegen Afloss
- bedeitenden Afloss
- ganz vill Afloss


### 2.3.2 Huet den Impakt vum Beruff op Är Gesondheet sech an deene leschte Joer verännert?



- Staark verschlechtert
- Verschlechtert
- keen Impakt
- Verbessert
- Staark verbessert

### 2.3.3 Auswäertung vun de Kommentaren

Bei de fräien Äntwerte koumen nach follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi:



Zitat:

„Den negativen Impakt ass kee vum Beruff, mee vun den Aarbechtskonditiounen am Lycée an den ech affektéiert sinn.“

„Wann ee reegelméisseg ze héiere kritt 'da muss du deng pedagogesch Kompetenzen ivwerdenken', da schafft dat un engem.“

„Als Enseignant kënnt ee quasi net méi zur Rou, et kann een net méi ofschalten. Et komme permanent supplementar Tâchen op eis duer, Hélfel kritt een net.“

„Kee Matsproocherecht, keng Autonomie, awer voll Verantwortung.“

„Ech hunn d’Gefill, de Schüler net méi gerecht ze ginn.“

„Virun e puer Joer war ech am Burnout.“

## 2.4 Beruffsbild

### 2.4.1 Wat soll Ärer Meenung no d’Roll vum Enseignant an der Schoul sinn?



D’Enseignante gesi sech virun allem als Wëssensvermëttler, déi d’Schüler.innen zum Denken ureegen, zu opgeklärerten a kritesche Bierger erzéien an op de Beruff virbereeden.


Och wann dacks vum Léierpersonal erwaart gëtt, d’Schüler.innen ze erzéien a Konflikter ze managen, gesi si dat manner als hir Aufgab.

### 2.4.2 Wat huet sech zum Gudde geännert, säit Dir Schoul haalt?

Op dës Fro gouf insgesamt 18-mol mat „näisch“ geäintwert. Als positiv Veränderunge ginn opgezielt: d’Digitaliséierung, déi diversifiér Schouloffre, den Teamgeescht énnert KollegInnen, d’Ënnerstëtzung duerch SPOS/ SePAS/ PSE an d’Direktioun, d’Infrastruktur vun de Gebaier an d’Erfarung, déi ee selwer iwwert d’Jore kritt.

## 2.4.3 Wat huet sech zum Schlechte geännert an där Zäit?

Bei de fräien Äntwerte koume follgend Äntwerten (liicht regroupéiert):



Zitater:

„Et ginn émmer méi Problemfäll. Et kënnt een deelweis net méi zum Schoulhalen en tant que tel, well ee permanent iergendwelche Konflikter oder Problemer léise muss. Dat ass net op all Klass de Fall, mee gëtt awer émmer méi heefeg.“

Inklusioun, déi déeles net funktionéiert.“

“Den Enseignant ass émmer méi entmëndegt gi vis-à-vis vun den Elteren.“

“Groussen Drock, émmer méi Aarbechtsstonnen déi awer net direkt mam Schüler ze dinn hunn. Situatioun an de Schoukklassen, wou bal all Schüler een Dossier huet a speziell Mesure kritt, a keng Hëlfel vu baussen.“

„Desinteressi, medial Iwwerflutung, falsch verstanen an émgesaten Inklosioun.“


„Mëttlerweil ass iwwert d'Hallschent vun de Schüler, déi an d'Voie de Préparation orientéiert ginn, „élève à besoins spécifiques“, wou op mannst ee Kompetenzzenter mat derbäi hëlflefe misst. D'Voie de Préparation ass keng Sonderschule, mee soll engem Jonken d'Ressource ginn, sech op den Aarbeitsmarché kënnen ze preparéiere fir ee Beruff kënnen ze erlédieren.“

„Méi Aufgaben, méi verschidde Profiller, wou ee wéineg Hëlfel kritt a wou een net d'Gefill huet, dass een de Schüler nach hëlflefe kann, well een ze vill verschidde Profiller do sätzen huet fir op se all gutt anzegoen. Grousse Problem ass, dass émmer méi schwaach Schüler mat engem klore Profil EDIFF (CDI) bei eis an de Klasse vertrueden sinn, déi net emol méi dem niddregste Module folge kënnen.“

„Keng gesellschaftech Unerkennung méi vum Enseignantsberuff.“

## 2.5 Respekt/ Ënnerstëtzung/ Autoritéit

### 2.5.1 Sidd Dir der Meenung, dass de Beruff vum Enseignant respektéiert gëtt?




### 2.5.2 Auswäertung vun de Kommentaren

Am meeschte respektéiert fillen d'Enseignanten sech an hirem Bekanntekrees, vun hirer Direktioun, hiren Aarbechtskolleg.innen, an awer och vu schoulexterne Spezialist.innen.

Si hunn allerdéngs den Androck, dass an de Medien, der Gesellschaft a vun der Politik virun allem d'Bild vum lidderegen Enseignant mat vill Pai a Vakanz vermettelt gëtt.

Den Enseignant gesäßt sech am Alldag mat ville Virurteeler konfrontéiert.

*Bei de fräien Äntwerte koume follgend Äntwerten (liicht regroupéiert) dobäi:*



Zitater:

„Allgemengt Bild vum Enseignant ass: e schafft net vill, huet vill Congé a verdéngt vill.“


„Den Enseignant ass oft eng Persoun, déi fir alles, wat net funktionéiert, d'Schold kritt.“

„Vill Vakanz, gutt Paie, a Schold fir alles, wat net riicht leeft.“

„Den Enseignant gëtt oft als iwwerbezuelten Vacancier duergestallt an um Terrain kréie mir Oplage vum Ministère, déi eis zwéingen ons Zäit mat iwwerflësseger Bureaucratie ze verschwenden.“

„Vill fräi, eng déck Pai, mee ech kéint a wéilt et awer net maachen, dee Saz héieren ech ganz oft.“

### 2.5.3 Fillt Dir lech als Enseignant respektéiert?



### 2.5.4 Auswäertung vun de Kommentaren

Zitater:


„Mir sinn nach èmmer „just“ déi aus dem Préparatoire a keng Proffen.“

„D'VP ass dacks d'Stéifkand an de Lycée'en.“

„D'Direktiouen ènnerstëtzzt eis oft, mee ass awer och machtlos par rapport zu den Decisione vum Menje. Ech hunn d'Impressioun, dass et net wierklech een interesséiert wat an der Voie de Préparation geschitt, well dat jo ee politesche Brennpunkt kéint sinn.“

„Et gëtt um IFEN keng spezifesch Formatioun fir d'Voie de Préparation.“


## 2.5.5 Wéi schätzt Dir am allgemengen de Respekt virun den Enseignanten an?



1 = guer net respektéiert, 5 = ganz respektéiert

### 2.5.5.1 Auswertung vun de Kommentaren (Respekt vun den Elteren virun den Enseignanten)

Och hei gesinn d'Enseignanten sech mat enger ganzer Rei vu Problemer a Reproche confrontéiert.



Trotzdem gesinn d'Enseignanten d'Aarbecht mat den Eltere ganz nuancéiert. Wuel ginn et Elteren, déi iwwergrëffeg sinn, andeems si sech am Toun vergräifen, dem Enseignant fir Villes d'Schold zouweisen a vum Enseignant eng permanent Disponibilitéit verlaangen. Mee et ginn awer och vill Beispiller, wou déi Zesummenaarbecht gutt klappt.

Zitater:

„Bei Problemer mierken ech émmer méi, dass d'Elteren hir Kanner net an d'Pflicht huelen, mee ganz schnell géint den Enseignant schéissen.“

„Bei eis hu mir kaum Schwierigkeete mat Eltere vu Schüler. Et ass leider oft esou, dass Elteren sech net genuch implizéiere (können) fir hire Kanner scholesch ze hëllefén. Déi meeschten Zäit sinn d'Eltere frou iwwert eis Aarbecht/Attitude am Klassesall a respektéieren eis dofir.“

„Ech mengen, dëst hänkt dovun of, a wéi enge Gemengen ee schafft a wéi d'Schüler.inne schaffen.“

„Vill positiv Erfarungen, awer och e puer ganz negativ Erfarunge bis hin zu Vernennen, Drohungen, Telefon anhänken...“


## 2.5.5.2 Auswertung vun de Kommentaren (Respekt vun de Schüler.innen virun den Enseignanten)

D'Majoritéit vun den Enseignantë (71,4%) bemängelen eng Degradatioun vum Respekt vis-à-vis vun dem Léierpersonal, och wann natierlech en Deel vun de Schüler.innen net dovu betraff sinn. Wat frappant ass: nieft dem grondleeënden Héiflechkeetsmangel an deels feelende Sozialkompetenzen, huelen insultes graves, phyesch Drohungen a Vandalismus zou.

De Mangel un adaptéierte Konsequenze gëtt kritiséiert, d.h. d'Retenue gëtt zum Beispill net eescht geholl an e Renvoi kann eréischt da geschéie, wa Schlëmmeres geschitt, ergo hëlt de Respekt nach méi of.

Eng Partie vun den Enseignantë (19%) gesinn och e Lien téscht dem Elterenhaus an dem Mangel u Respekt. De System (Umierung: am cycle inférieur), an dem ènnert anerem Duerchfale quasi onméiglech ginn ass, a feelende Réckhalt vun der Direktioun, gi vu vereenzelten Enseignanten als zousätzlech Faktore genannt, déi d'Situatioun beaflossen.

## 2.5.6 Fillt Dir lech ènnerstëtz?




## 2.5.7 Auswertung vun de Kommentaren

Vun den Enseignanten, déi dës Fro beäntwert hu, fille méi wéi d'Hallschent (64%), datt hir Direktiounen net adequat mat Disziplinsproblemer èmginn. Generell gëtt bemängelt, datt ze laang nogekuckt gëtt, éier Konsequenze gezu ginn. Et feelen deelweis och einfach d'Moyenen an d'Ressourcë fir adequat ze reagéieren.


Des Weidere gëtt et och bei vereenzelten d'Gefill, datt Direktioun Decisiounen am Alleingang hëlt, amplaz den Dialog mam Léierpersonal ze sichen, ènner anerem wann et èm Klasseverdeelung an Iwwerstonne geet. Et gëtt keng kloer Richtlinnen a keng transparent Kommunikatioun an d'Onzefriddenheet an d'Wuelbefanne vun dem Léierpersonal ginn deementspriechend net genuch consideréiert.

## 2.5.8 Fannen d'Enseignantë mat hire Kriticken a Suggestioune genuch Gehéier bei de politesche Responsabele vum Unterrechtsministère?

D'Sakale geet vu guer kengem Doilog bis bei de Minister féiert ee konstruktiven Dialog mat den Enseignanten.



## 2.5.9 Hutt Dir d'Gefill, datt de MENJE d'Problemer an der Voie de préparation richtege aschätzt?



## 2.5.10 Auswäertung vun de Kommentaren

Am grousse Ganze stelle mer fest, datt et eng Diskrepanz gëtt tëscht der Vue vum MENJE an de Leit vum Terrain.


25% vun de Leit bekloen sech, datt d'Voie de Préparation weder éffentlech noch intern vum MENJE valoriséiert gëtt. D'VP ass jorelaang vernaliésséegt ginn zu Gonschte vun akademesche Formatiounen a 'pet projects' vum Minister.

Et koum ni wierklech zu engem reellen Echange tëscht dem MENJE an de Leit um Terrain, wat dozou féiert, dass d'Besoinen um Terrain net consideréiert ginn. D'Klasseneffektiver sinn ze grouss, an et landen och èmmer méi Schüler mat Besoins spécifiques an der VP, wat d'Aufgab vum Enseignant net méi einfach mécht a si d'Gefill hunn, de Besoينe vun de Schüler net kënne gerecht ze ginn. Vill Enseignante fillen sech net forméiert, fir souwuel Wëssensvermëttler, Pedagog, Therapeut oder Psycholog ze sinn.

Am deem Kontext stellen och vill Enseignanten d'Orientatiounsprozedur an d'Critères d'évaluation a Fro, well een um Terrain d'Gefill huet, datt d'VP eng Aart Sammelbecken ass fir Schüler.innen, déi aus verschidde Grénn duerch d'Rastere vum System gefall sinn. A wa se dann an der VP sinn, hu si Uspréch, wat hir akademesch a berufflech Zieler ubelaangt, déi net mat der Realitéit kompatibel sinn.

An der Praxis kritiséieren och vill Enseignanten de Mangel u Remplaçanten, déi kéinten asprangen, an d'Feelen vun adaptéiertem Unterrechtsmaterialien.


### 2.5.11 Huet den Enseignant Autoritéit vis-à-vis vun den Elteren ?



### 2.5.12 Auswäertung vun de Kommentarer

D'Autoritéit vum Enseignant gëtt virun allem a Fro gestallt, wann d'Erwaardunge vun den Elteren net am Einklang si mat der Aschätzung vum Enseignant. A sou Fäll wëssen d'Elteren och, datt si dat lescht Wuert hunn a sech iwwert déi Aschätzung kënnen ewech setzen. Dëst schwächt d'Autoritéit vum Enseignant, deem dann och deelweis virgeworf gëtt, datt en net am Interêt vum Schüler handelt.

### 2.5.22 Huet den Enseignant am allgemengen Autoritéit bei de Schüler.innen?



### 2.5.23 Auswäertung vun de Kommentaren

Déi allgemeng Reaktioun op dës Fro ass datt Autoritéit nach èmmer vum Enseignant senge Kompetenzen a senger Relatioun zu de Schüler.innen ofhänkt. Punktuell gëtt awer festgestallt datt et méi erausfuerderend ginn ass, virun allem wann d'Hemmschwell vun de Schüler.inne méi niddreg ass oder d'Eltere keng énnerstëtzend Roll spiller.

## 2.5.24 Wéi bewäert Dir de pedagogeschen Input vun der Direktioun? Fillt Dir lech am Fall vun engem Konflikt vun der Direktioun énnerstëtz? Ass Är Direktioun fir lech erreichbar? Kritt Dir am Fall vun enger Fro eng hellefräich oder léisungsorientéiert Äntwert?


Bewäert gouf op enger Skala vun 1 bis 5:

pedagogeschen Input: 1 = keng Hëllef, 5 = Direktioun ass eng Hëllef um pedagogesche Plang

Énnerstëtzung: 1 = ivwerhaapt net énnerstëtz, 5 = staark énnerstëtz

Erreichbarkeet: 1 = ganz schwéier erreichbar, 5 = émmer a liicht ze erreechen

Äntwert bei Problemer: 1 = keng Äntwert, 5 = émmer a séier eng Äntwert



## 2.5.28 Auswäertung vun de Kommentaren

D'Direktiounen ginn am Allgemengen als éischter énnerstëtzend erlieft a schneiden däitlech besser an der Ëmfro of wéi de Ministère.

55% vun de Befroten hunn uginn, datt si sech am Fall vu Konflikter gutt bis ganz gutt vun hiren Direktiounen énnerstëtz fillen. 23% hunn sech éischter métterméisseg énnerstëtz gefillt, während sech émmerhi gutt all 5. Enseignant wéineg (16%) bis guer net (6%) énnerstëtz fillt. Festzestellen ass, datt et vun der jeeweileger Direktioun ofhänkt a datt émmer déi nämmlecht Direktiounen an der Ëmfro schlecht bewäert goufen an op der anerer Säit émmer déi nämmlecht Direktiounen ganz gutt bewäert goufen. Dëst hieft ervir, wéi ee positiven an negativen Impakt eng Direktioun op d'Schoulcommunautéit kann hunn.


A punkto Erreichbarkeet hunn déi meesch Direktiounen mat 68% eng gutt bis ganz gutt Bewäertung kritt. 22% vun de Befroten goufen un, datt hir Direktioun métterméisseg gutt ze erreeche wier, während 10% vun de Befroten gesot hunn, datt hir Direktiounen schlecht bis guer net erreichbar sinn.

En änlecht Bild ergëtt sech a punkto hellefräich a léisungsorientéiert Äntwerte vun den Direktiounen, och wann dës hei e bëssi méi schlecht ofschneide wéi a punkto Énnerstëtzung an Erreichbarkeet.


Insgesamt gi ronn 60% vun de Befroten un, datt si d'Direktioun als hellefräich am Konflikt mat Elteren empfannen a knapp 57% ginn un, datt si d'Direktioun als Hëllef bei Konflikter mat Schüler empfannen. Éischter positiv bewäert gouf och déi administrativ Aarbecht vun den Direktiounen an hir berodend Funktioun.

Trotzdeem fält och hei rëm op, datt émmer erém déi nämmlecht Direktiounen schlecht Bewäertungen erhalten, a vun de Befroten als weit ab vun der Realitéit vum Terrain empfonnt ginn oder souguer als Instanz, déi si just kontrolléiert a virun där si sech rechtferzte müssen.

## 2.5.29 Wéi gesitt/ erlieft Dir Är Direktioun?




## 2.5.30 Wéi gesitt/ erlieft Dir de Menje?




### 3. Inclusioun

#### 3.1 Hutt Dir d'Gefill, datt d'Inclusioun an de Schoulen zu Lëtzebuerg gutt émgesat gouf?




#### 3.2 Hutt Dir d'Gefill, datt den aktuelle Modell vun der Inclusioun alle Schuler.inne gerecht gëtt?




1 = nee, 5 = jo

#### 3.3 Hutt Dir déi néideg Ressourcen an der Schoul, fir datt d'Inclusioun gelénge kann?



1 = nee, 5 = jo


### 3.4 Hutt Dir perséinlech d'Gefill, dass lech am Moment d'Inclusioun an Ärer Klass gutt geléngt?




1 = nee, 5 = jo

De Constat ass erschreckend an dës Äntwerten decke sech mat deem, wat reegelméisseg un eis erugedroe gëtt. Et ass per se keen Enseignant géint d'Inclusioun. Mee sou, wéi se am Moment um Terrain émgésat gëtt, empfénnt ee groussen Deel vun den Enseignanten se als een Echec. Et feelen déi néideg Ressourcë, fir den diversen Ufuerderungen an der Klass gerecht ze ginn. D'Prozedure, fir Hëlfel ze kréie, sinn immens schwéierfälleg an dauere laang. Dobäi ass net garantéiert, dass een dann eng konkret Hëlfel um Terrain kritt.

### 3.5 Wou stousst Dir op oppen Oueren, wann Dir Problemer bei der Inclusioun uschwätzt?




### 3.6 Wéien/g Acteur/en empfannt Dir als eng grouss Hëlfel bei der Ëmsetzung vun der Inclusioun?



Dës Resultater weise ganz kloer, dass déi befroten Enseignanten sech am meeschte verstanen an am beschten énnerstëtzt fille vun deene Leit, déi all Dag mat hinnen um Terrain sinn: vun hire Kolleeg.innen, der Ekipp Eseb, dem Sepas an der Direktioune. Virun allem de Menje kënnt bei dëse Froe ganz schlecht ewech.

Dat weist nach emol ganz kloer déi Klufft téscht de politeschen Decideuren an den Enseignanten, déi Mesuren um Terrain émsetze müssen. D'Enseignanten hunn d'Gefill, dass Decisiounen ivwert hir Käpp ewech vu Leit geholl ginn, déi wäit ewech vum Terrain sinn an d'Realitéit an de Schoulen net kennen. Op d'Expertise vun den Enseignantë gëtt wéineg gelauschtet.

### **3.7 Iwwert wat fir e Wee konnt Dir, respektiv géingt Dir probéieren, Är Virschléi émsetzen ze loessen?**



## **Den SEW/OGBL seet villmools Merci fir Är wäertvoll Mathëllef**

Déi meeschte Befrote soten hei Merci fir d'Ëmfro an d'Geleeënheet hir Meenung auszedrécken. Insgesamt weist sech hei nach eemol dat vill Enseignanten aus der VP d'Gefill hunn, dass hir Schoulform wéineg bis guer keng Opmierksamkeet kritt.

# Eis Fuerderunge fir d'Voie de Préparation:

## An de Klassen:

1. Méi kleng Klasse vun 10 bis maximal 12 Schüler pro Klass
2. Een Educateur als 2. Intervenant pro Klass
3. Ee Remplaçant am Fall wou den Enseignant krank ass oder an engem Congé de maternité oder parental ass. Dës Remplaçanten existéiere säit laangem fir den Enseignement fondamental a sollten och an der Voie de Préparation agesat kënne ginn.

## Tâche:

4. Den ACT72 soll vun enger Schoulstonn pro Woch op 2 gehéicht ginn, fir der reeller Unzuel vu Versammlungen, administrativer Aarbecht an individueller Schülerbetreuung an Elteren-aarbecht nom Cours gerecht ze ginn.
5. Surveillance iwwert 90 Minutte pro Woch an d Tâche integréieren.
6. D'Regence decharge vun 1 op 2 Schoulstonne pro Woch unhiewen, fir dem reellen Aarbechtspensum vu Regentë gerecht ze ginn.

## Inclusioun:

7. Inclusiounsgesetz iwwerschaffen: D'Voie de Préparation soll net de Rôle vun der ehemoleger EDIFF iwwerhueulen, mee virun allem d'Schüler fir eng Léier, eng weiderféierend Schoul oder de Beruffsastieg prett maachen.
8. Eng Diagnosepflicht énnert gewësse Konditiounen (Gravitéit vum Feelverhale vum Schüler, Gefor fir aner Kanner, Ausmooss vun de Léierschwierigkeiten) fir Schüler aféieren, deenen hir Elteren trotz gravéierenden Opfällegeete vum Kand eng professionell Diagnose refuséieren.
9. COHAB-Klassen an all Lycée

10. Méi Personal am ESEB an SePAS, fir d'Schüler an der Voie de Préparation besser betreien ze können. Mir fuerderen 1 ESEB-Mataarbechter pro 3 Schoukklassé vun der VP.

11. Administrativ Hürden ofbaue fir Héllefe fir Schüler unzefroen.

## E séchert a respektvollt Aarbechtsëmfeld:

12. Adequat Méiglechkeeten op schwéierwiegend disziplinairescht Feelverhale vu Schüler ze reagéieren.
13. Enseignanten an hirer Aarbecht eescht huelen a méi Matsproochrecht ginn, wat d'Orientation ugeet.

## Didaktik:

14. Programmer vun der Voie de Préparation iwwerschaffen an upassen.
15. Adequat Schoulmaterial, virun allem Schoulbicher, ausschaffe loessen an zur Verfügung stellen.
16. Mediekonsum vun de Jugendlechen an der Schoul reduzéieren.
17. Schoulpflicht bis 18 Joer ofschafen: Duerch dëst Gesetz riskéiert d'Voie de Préparation zu enger Garderie vu Jugendlechen auszeaarten.

## Recrutement:

18. Enseignantspenurie bekämpfen.
19. Scho während dem Studium iwwert d'Voie de Préparation informéieren.

## Offer:

20. D'Offer vu CCPen ausbauen, virun allem déi francophone Sektionen vum CCP a vum DAP.

# Anonym Témoignagen vun Enseignanten aus der Voie de Préparation

*Et si quasi just nach Kanner mat enormem Bagage an de VP-Klassen, et huet net méi vill mat Schoul halen ze dinn. Vun Suizid-gefärerdeten iwwert Handicap bis zur extremer Gewalt setzt alles beieneen am Klassesall, an da maache mir och nach Inklusioun dobäi. Dat gëtt kengem Schüler méi gerecht!*

*Et lauschtert keen de Leit um Terrain no.*

*Et ass ze vill ginn: Emmer mei Kolleege leiden, Burnout gëtt et oft. Et ass e konstanten Drock do an dee mëscht ee futti.*

*Schouhalen an d'Aarbecht mat de Kanner mécht immens Spaass. Et ass dat ganzt Administratiivt an déi éiweg laang Prozeduren, déi ermiddend sinn. Am Endeffekt setzt een awer ganz eleng do mat der Problematikan dréit d'Verantwortung ...*

*Den Enseignant huet kee Matsproocherecht, keng Autonomie, awer voll Verantwortung.*

*Et gëtt keng Plaz zwëschent der VP an dem Jugendprisong. Et feelt eng Institutioun fir verhalensopfälleg Kanner.*

*Gezwungen Inclusioun: Elteren hunn de ganze Pouvoir iwwert d'Wuel vum Kand, wat et mëscht, dass vill Kanner falsch klasséiert sinn, net frô sinn an net gehollef gëtt.*

*Mëttlerweil ass iwwert d'Hallschent vun de Schüler, déi an d'Voie de Préparation orientéiert ginn, "élève à besoins spécifiques", wou op mannst och ee Centre de Compétences mat derbäi hëllefe misst. D'Voie de Préparation ass keng Sonderschule, mee soll*

*engem Jonken d'Ressource ginn, sech op den Aarbeitsmarché kennen ze préparéiere, fir e Beruff kennen ze erléieren.*

*Den Enseignant ass oft eng Persoun, déi fir alles, wat net funktionéiert, d'Schold kritt. Mee mir ginn esou degradéiert an eise Funktiounen: Eis professionell Meenung huet guer kee Wäert méi fir d'Medien, de Ministère, d'Gesellschaft oder d'Elteren. Dono gëtt gemaach wéi d'Elteren et fir richteg fannen; wat oft dem Kand ganz vill schued.*

*D'VP gëtt dacks vergiess, et denkt keen un eis Schüler.*

*Oft gi Reuniounen organiséiert, wou eis soll nogelauschtert ginn, mee duerno gi politesch ganz aner Decisiounen geholl. Et gëtt dann èmmer behaapt "Mir hate jo en Austausch", wat och stëmmt, mee et gëtt näischt éingesat, wat beschwat ginnass.*

*Mir hunn an der Programmkommissiou oft Avis'en ginn, déi vum Ministère net berücksichtegt goufen.*

*D'Voie de Préparation ass INEXISTENT beim MENJE. Et ass esou, wéi wann deen Deel vun der Gesellschaft, deem eis Schüler entstaamen, wéilt aus der Ëffentlechkeet erausgehalen ginn, well en dem Bild vu Lëtzebuerg schued.*

# Voie de Préparation: Stëmm vum Terrain

Interview mam Véronique Assa  
a Steve Goetzinger iwwert d'Voie de Préparation

## 1. Firwat hues Du dech entscheet, an der VP Schoul ze halen?

Steve Goetzinger: Ech hunn am Fondamental ugefaange mat schaffen. Am Schouljoer 1996/97 sinn ech duerch ee Kolleeg, deen an der Voie de préparation geschafft huet, an d'Voie de Préparation komm. Ech war virdru mir d'Voie de Préparation duerch hien ukucken an ech hu gemierkt, datt ech léiwer mat Jugendleche schaffe wéi lo mat Kanner.

Véronique Assa: Ech sinn direkt nom Studium an d'VP gaangen. Dat hat puer Grënn: Éischtens war et fir mech een neien Challenge. Ech sinn duerch ee Kolleeg gewuer ginn, datt ech an der VP mat mengem Diplom als Léierin am Fondamental kéint schaffen. Iert ech ugefaang hu mam Studium, hunn ech haaptsächlech an der Spillschoul ersat. Duerno am Studium hat ech vill Stagen am Fondamental an du wollt ech all Alter eemol duerchgoen. Ech hunn an der Belsch studéiert, d.h. ech dierft just a mengem leschte Studiejoer ee „stage d'observation“ vun enger Woch zu Lëtzebuerg maachen, deen hunn ech dunn an der VP gemaach. Ech hu scho wärend mengem Studium gemierkt, datt ech mech mat deene méi grousse Schüler méi wuel gespuert hunn.

Zweetens interesséiert mech déi berufflech Orientatioun vun de Schüler. Wéi ech mäi Stage an der VP gemaach hunn, waren d'Schüler amgaangen, sech eng Stageplaz ze sichen. Mir hu mat hinne CVe geschriwwen a Bewerbungsschreiben, ausserdeem si verschidde Patronen an de Lycée komm an hunn hire Betrib virgestallt. Ech hunn dat immens interessant fonnt. Och d'Relatioun téscht de Schüler an dem Regent huet mir gefall. An der VP kennt een seng Schüler wierklech gutt, well een se 3 Joer huet. Et ass ee manner de Wéssensvermöttler, mee vill méi de Coach vun hinnen. Et muss ee se motivéieren. Et muss een differenziéiert Schoul hale kënnen, een Thema fir dat ech mech schonn am Studium interesséiert hunn. An der Belsch hat een oft zwee Schouljoer zesummen an enger Klass an a verschidde

Schoule souguer alles vum 1. bis 6. Schouljoer. An der VP ass dat mat de Modullen änlech. Ech hu geduecht, wann ech dat packen, da sinn ech wierklech gewappnet fir de Beruff.

## 2. Wéi erliefs du d'Realitéit um Terrain?

Steve Goetzinger: Et huet sech vill geännert, virun allem de Profil vun de Schüler, Tâche vum Enseignant, déi multipel Problemer vun eise Schüler, de sozial-emotionalen Niveau vun eise Schüler etc. Fréier waren eis Schüler all e bëssi änlech, wat hir Problemer betraff huet. Haut hu si oft multipel Problemer, den Challenge fir mat sou heterogene Klassen ze schaffen, ass riseg. An enger Klass vu 15 Schüler hu mir bis 10 verschidde Problematiken an immens énnerschiddlech Bedürfnisser vun eise Schüler. Fréier war et d'Zil vun der VP, datt d'Schüler eng Léier ufänken. Mee haut bleiwen der vill méi laang an der Schoul, entweder well se kee Patron fannen oder net prett si fir op den Aarbechtsmarché. Soss konnte mir no der 5<sup>ème</sup> awer ronn 90% vun eise Schüler an eng Léier aschreiwen. Haut si mer wäit drënner. D'Schüler wölle méi laang an der Schoul bleiwen, dat ass och ee Credo, deen hinne vun den Elteren an och der Gesellschaft vermittelt gëtt, datt si méi laang an der Schoul bleiwe sollen, mee hir Zilsetzung ass net kloer. Si sinn deementspriechend onmotivéiert, mir hu vill Absenteismus. D'Eropsetze vun der Schoulflucht op 18 Joer wäert eis virun enorm Erausfuerderunge stellen. Mir fäerten, datt mir do zu enger Garderie vu Jugendleche mutéieren, déi eigentlech guer net méi wëllen an d'Schoul kommen, mee duerch des Gesetzgebung müssen.

Véronique Assa: Den administrativen Opwand gëtt vu Joer zu Joer méi grouss. Engersäits well d'Klasseneffektiver an d'Luucht gaang sinn, mee virun allem well duerch d'Inklusioun vill méi Schüler mat spezifische Besoinen an der VP Klasse landen. Mir hu vill méi Versammlungen, mat Elteren, aneren Enseignantes, der ESEB, de Kompetenzzentren etc. Deemno geet ganz



De Steve Goetzinger huet 1998-1999 seng Karriär als Enseignant am Fondamental zu Kayl ugefaangen an huet duerno am Modulaire zu Wobrécken (LTE) vun 1999 - 2010 Schoul gehalen. Vun 2010 bis 2012 huet hien am Fondamental zu Kärjéng geschafft a seit 2012 hält hien an der Voie de Préparation am Lycée Bel-Val Schoul. Seit Februar 2024 engagéiert sech de Steve Goetzinger am Comité Secondaire vum SEW/OGBL, wou hien zesumme mam Véronique Assa d'Interesse vun den Enseignantes aus der Voie de Préparation vertrëtt.



D'Véronique Assa huet no sengem Studium an der Belsch am September 2018 direkt als Enseignante an der Voie de Préparation am Lycée Bel-Val ugefaangen. Seit Februar 2024 engagéiert hatt sech am Comité Secondaire vum SEW/OGBL zesumme mam Steve Goetzinger fir d'Interesse vun den Enseignantes aus der Voie de Préparation.

vill Zäit a virun allem gi vill Ressourcen drop fir Schüler ze encadréieren déi oft besser an engem Centre de Compétence opgehuewe wieren. „D'Voie de Préparation ass déi nei Ediff“ ass dofir e Saz deen een émmer méi oft héiert.

Duerch d'Digitalisierung hu mir och vill méi Messagen ze beantwerten, virun allem vun Elteren. Mäin Nomëtteg no der Schoul ass vill mat administrativer Aarbecht geféllt. Dobäi wier et méi sënnvoll, wann ech méi Zäit fir d'Aarbecht um Terrain hätt.

Wat mir och opfält, ass déi vill Gewalt, virun allem de Cybermobbing. Dat huet duerch d'Digitalisierung staark zougeholl.

### **3. Wat sinn déi gréisssten Erausfuerderungen am Klassesall mat de Schüler?**

Steve Goetzinger: Mir hu Schüler mat multipele Problemer. Dat geet vun Autismus, Problemer mat der Vue, kognitiv Schwierigkeiten duerch en niddregen IQ bis hin zu Analphabetismus. Oft hu mir pro Klass 1 bis 2 Analphabeten. Vill vun eise Schüler fannen um 1. Aarbeitsmarché näisch a ginn duerno an engem Atelier protégé oder als Travailleur handicapé agestallt. Mir sinn awer keng Ediff. Eist Ziel sollt et sinn, d'Schüler um 1. Aarbeitsmarché ze intégréieren. Dofir feelen eis aktuell oft d'Moyenen: Mir sätzen eleng als Enseignant mat 14 bis 15 Schüler do. Den administrativen Opwand fir Héllef fir eis Schüler unzefroen, ass genau wéi am EF enorm. Mir bräichte méi Classes de cohabitation. Déi hu just 6 bis 8 Schüler mat deelweis zu 3 Enseignanten oder Educateuren. Mir maache vill Formatiounen, mee mir sinn net spezifesch fir déi multipel Problemer ausgebilt a kënnen deene ville verschiddenen Bedürfnisser vun eise Schüler an esou grousse Klassen och net gerecht ginn. Wann ech z.B. ee Schüler hunn, dee Rou beim Léieren a gedämpfte Luucht brauch, wéi kann ech dat hikréien, wann ech nach 14 aner Schüler am Klassesall hunn, déi ganz aner Problemer hunn an deelweis selwer fir Onrou suergen, déi deen anere Schüler Stress verursaacht?

Véronique Assa: All déi Schüler, déi duerch d'Inklusioun bääkomm sinn, sinn déi gréisssten Erausfuerderung. Dat sinn am Fong déi eemoleg Ediff-Schüler. Et ass onméiglech hinne mat hiren émmer méi diverse Problematike gerecht ze ginn, dofir sinn ech net ausgebilt. D'ESEB ass zwar eng grouss Héllef, mee si sinn och énnert besat. Och wa se bei eis am Secondaire sur place sinn a mir eis si net mat engem anere Lycée deele mussen. Mee d'ESEB

këmmert sech jo och em ESG-Schüler.

D'Klasse sinn och einfach ze grouss. An nieft den élèves à besoins spécifiques kënnt dann nach Gewalt, Mobbing, Streidereien, Verhalensopfällegeeten, etc. dobäi. All dat mécht dat eigentlecht Schoulhalen émmer méi schwéier.

Do gesinn ech och d'Schold gréissstendeels bei den digitale Medien. Ech gesinn den iPad am Klassesall fir d'VP Schüler ganz skeptesch. Fir mech huet e keng Plus-Value fir de Léierprozess vun eise Schüler, éischter de Contraire. Vill VP-Schüler kënne kaum liesen a schreiwen ebe grad well se vu klengem u vill ze vill virun de Bildschiermer souzen. An um Schoulwee, an de Pausen an doheem hänke se souwisou schonn dauernd viru Bildschiermer. Et gi genuch Etuden déi weisen, datt ze vill digital Medien net gutt si fir déi kognitiv Entvécklung an déi sozial Intelligenz. Et war während Covid ganz praktesch, mee soss géing ech et besser fannen, méi Infossäll ze hunn oder gutt Laptoppen, fir mol een CV oder eng lettre de motivation ze schreiwen.

### **4. Wéi eng Veränderunge wieren denger Meenung no an der VP néideg, fir d'Situatioun ze verbesseren?**

Steve: Et misst wéi am EF den administrativen Opwand fir Héllef unzefroe reduzéiert ginn. Mir missten do onbedéngt entlaascht ginn a sollten een Deel vun där Aarbecht un anere Léit, déi net enseignéieren, delegéiere kënnen. Mir brauchen einfach méi Zäit fir um Terrain mat eise Schüler ze schaffen. De System mat Kompetenzcentre misst iwwerdeuchet an evaluéiert ginn. Si hunn oft ee reng berodende Charakter, mee bidde keng reell Héllef um Terrain. Mir brauche méi Héllef an de Schoule selwer, fir datt mir verschiddenen Direktiven och émsetze kënnen. D'ESEB si komplett iwwerfuerdert. Déi Léit schaffe jo net némme fir eis Schüler, mee och fir déi aus dem ESG. Mir hunn do vill ze wéineg Léit schaffen.

Mir hunn immens vill Reuniounen, déi dofir virgesinn 72 Stonnen am ACT72 pro Joer gi bei wäitem net duer. Mir hunn oft 200 oder 250 Stonne pro Joer, déi énnert den Act72 lafen an doranner sinn dann nach net déi 16 Stonne Formatioun dobäi, déi mir am Schnëtt am Joer maachen.

Am Fokus steet de *Well being* vun de Schüler, mee nom *Well Being* vum Enseignant gëtt net vill gekuckt. Ausserdeem sinn ech skeptesch, ob mir mat där Philosophie eis Schüler op den

Aarbeitsmarché richteg virbereeden. Wa si zum Beispill mat Badelaatschen an d'Schoul kommen, dann hu mir keng Handhab driwwer. Beim Patron wier dat awer een No Go.

Méi kleng Klasse wieren immens wichteg: E Maximum vun 10 bis 12 Schüler pro Klass. Aktuell hu mir Klasse mat 15 bis 18 Schüler. D'Regenceaarbecht geet och wäit iwwert déi dofir gestallten 1 Stonn Decharge eraus. Mir hunn als Regent vill Echange mat Elteren, déi oft héich Uspréch hunn. Déi Aarbecht ass usprochsvoll an zäitintensiv. An och mir an der VP leiden natierlech énnert dem grousse Mangel u Léierpersonal.

Véronique Assa: Virun allem méi kleng Klassen. Jee méi Schüler mat besoins spécifiques mir hunn, desto sënnvoller wier et, méi kleng Klassen ze hunn. Bei dése Schüler ass nämlech oft quasi eng 1 zu 1 Betreuung gefrot.

Mir missten och d'Digitalisierung iwwerdenken (aus uewe genannte Gréenn). Cybermobbing ass ee grousse Problem. En Handyverbuet an der Schoul fannen ech absolut sënnvoll.

Mir bräichten och dringend Remplaçanten an der VP (esou wéi am Fondamental), falls een Enseignant duerch länger Krankheet oder ee Congé de maternité oder parental ausfällt.

D'Inklusioun misst iwwerdeuchet an iwwerschafft ginn. Mir kruten doduerch sou vill nei zousätzlech Erausfuerderungen an der VP, mee awer net déi deementspreichend Ressourcen, fir dës Erausfuerderunge meeschteren ze kënnen. D Kompetenzcentre misste méi zesummeschaffen an d'Schüler manner wéi Pingpongsbäll hin an hir schéissen. Mir sinn als VP zu engem Opfänkbecken gi fir déi Schüler, déi beim Kompetenzcentrum duerch d'Raster falen. Inklusioun muss méi sinn, wéi just all Schüler an eng Klass ze setzen, mir brauchen Héllef an de Klassen, um Terrain a méi wéi just Berodung.

D'Eltere musse Matsproochrecht hunn, mee sollte manner Diagnoseverfare verweigere kënnen, déi mir brauchen, fir eise Schüler ze héllef. Si stiechen se da léiwer bei eis wéi an e Kompetenzcentrum, obwuel hinnen do besser gehollef kéisst ginn. Inklusioun hält do op wou et dem Schüler schued, an do ass et fahrlässig déi Kanner duerch e Parcours ze zwéngen dee puere Stress an een Echec nom anere fir si bedeit.

A puncto Disziplin missten et nieft dem Renvoi aner Konsequenze gi fir d'Schüler, well do gëtt de Problem just un een anere

Lycée weidergerecht (an et kritt een deen nächsten amplaz). Oft lafen sou Fäll dann ivwert d'Jugendgericht, da sollen déi betraffe Schüler placéiert sinn, mee et ass keng Plaz do an da sätzen se awer rëm an engem Lycée a kruten am Ende effekt net wierklech eng Konsequenz fir hiert gravéierend Feelverhalen.

